



**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8030 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

- **Wat fir eng europäesch Reglementatioun gesäit fir, datt och Betriber, déi net biologesch schaffen, déi europäesch Bio-Norme beim Bau vu Ställ mussen erfëllen?**
- **Kann de Minister eis dës Reglementatioun zur Verfügung stellen?**

Deen aktuelle Gesetzesprojet betreffend déi nohalteg Ënnerstëtzung vun de ländleche Gebidder, deen sech de Moment um Instanzewee befënnt, gesäit fir, dass fir an de Genoss vun enger Ënnerstëtzung fir een neie Stall kënnen ze kommen, déi betreffend europäesch Bionorme mussen erfëllt ginn. Am Fall wou eng Bähëllef fir Aarbechten un engem bestoende Stall gefrot ginn, sinn dës Normen och applikabel fir déi Partie vum Gebai, wou d'Aarbechte realiséiert ginn. Déi betreffend Bähëllef an d'Normen an aner minimal Konditiounen, déi bei Investitiounsbähëllef mussen agehale ginn, hunn als Zil, déiererecht Ställ ze fërderen an déi einschlägig Emissiounen sou niddereg wéi méiglech ze halen. Doriwwereraus ass de Betrib dann och virbereet, fir eng eventuell Ëmstellung op déi biologesch Landwirtschaft ze maachen.

Ginn kéng Bähëllef ugefrot, ass de Bauer frei ze decidéieren, op hien sech un den europäesche Bionormen orientéiert oder net.

Doriwwer eraus gëtt aktuell un der Neifaassung vun der europäescher Industrieemissionsrichtlinn geschafft, an där groussen Déierenhaltungsbetriber kloer Leitlinie virgi ginn, fir déi richteg Investitiounen ze tätigen, fir dass d'Schadstoffemissioune wierksam reduzéiert ginn.

Zil vun der Regierung ass et fir déi landwirtschaftlech Betriber effikass an zilorientéiert bei hiren Investitiounen ze ënnerstëtzen, fir modern an déiererecht Ställ kënnen ze baue respektiv sou ze moderniséieren, dass si och deene kommenden Emissionsrichtlinn gerecht ginn.

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN